



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Réponse du Ministre de l'Énergie, Claude Turmes, à la question parlementaire n°5517 du
18 janvier 2022 des honorables députés Fernand Kartheiser et Fred Keup au sujet de
stockages gaziers aériens**

Gouf dës Méiglechkeet och fir Lëtzebuerg gepréift? Ëm wéi eng Lokalitéiten handelt et sech hei a wéi eng Conclusiounen goufen zeréckbehalen?

Nieft der Méiglechkeet den Äerdgas an groussen ënnerierdeschen Späicheren ze stockéieren déi entsprechend geologesch Formatiounen als Voraussetzung mussen hunn, gëtt et d'Méiglechkeet den Äerdgas och iwwerierdesch ze stockéieren. Hei kann een grondsätzlech tëschent 3 Zorten ënnerscheeden:

1. D'Späicherung vum Äerdgas a flësseger Form (Liquified Natural Gas – LNG), déi quasi ausschliisslech a Flëssegas-Landungsterminalen an Hafenanlagen wéi déi zu Zeebrugge an der Belsch bedriwwen ginn.
2. Nidder- bis Mëtteldrock-Gasspäicher a Form vum iwwerierdeschen zylinderförmegen Reservoir – ëmgangssproochlech Gasometer genannt. Des Gasspäicher hunn ganz kleng Späichervolumen a kënnen héchstens an stätteschen Nidderdruck-Réseauen agesat ginn. Hir Wirtschaftlechkeet ass haut net méi duerstallbar an dofir ginn se och net méi benotzt.
3. Kugelspäicher oder Röhrenspäicher déi bei Dréck tëscht 20 an 100 bar bis zu 600.000 m³ Äerdgas kënnen späicheren. Och des Volume ginn just duer fir Dagesverbrauchs-Spëtzen kënnen ze brieden. D'Wirtschaftlechkeet vum dëser Form vu Späicher ass duerch déi technesch Constrainten och net einfach duerstallbar. An den 2000er Joren ass et ee Projet ginn fir een Röhrenspäicher zu Lëtzebuerg ze realiséieren, deen awer wéinst der feelender Wirtschaftlechkeet net ëmgesat ginn ass.

Als Konklusioun ka gesot ginn, dass déi bekannten iwwerierdesch Äerdgasspäicher-Konzepter keng Alternativ zu groussen ënnerierdeschen saisonalen Äerdgasspäicher duerstallbar.

Duerfi huet d'Regierung och Intérêt, dat d'Gestioun vum de Gasspeicher op EU-Niveau, bzw. an/oder an eisen direkten Nopeschlänner besser reguléiert gin. Ech hun als aktuelle President vum pentalaterale Forum fir Energiekooperatioun (Daitschland, Frankraich, Benelux-Länner, Eisterraich an Schweiz) rezent eng Initiative geholl, fir d'Regelen bei den Gasspeicher an Westeuropa ze koordinéieren.

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

(s.) Claude Turmes

De Ministre de l'Énergie